



N°2434
Entrée le 11.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.06.2025
Chambre des Députés

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/06/2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Wéi aus engem rezenten Artikel vun der Luxembourg Times ervir geet, wäert de neie lokale Bezuelfeature "Wero" net esou séier fir Lëtzebuerger Clientë verfügbar sinn, obwuel dëse System schonn a Frankräich, an Däitschland an an der Belsch funktionéiert. Dëst ass besonnesch problematesch, well d'European Payments Initiative (EPI) schonn ugekënnegt huet, datt Wero zu Lëtzebuerg a Kooperatioun mat de grouss Banker disponibel wäert sinn. Ouni awer konkret Datumer ze nennen.

Dëst ass nëmme ee Beispill vu villen, wou Lëtzebuerg als Finanzplaz hannendrun ass bei der digitaler Innovatioun. Obwuel mir eng Finanzplaz sinn, kommen nei Fintech-Servicer dacks als éischt an eis Nopeschlänner. Dëst ass besonnesch onverständlech, well ekonomesch Operateuren, déi änlech Bezuelservicer zu Lëtzebuerg ubidden ënner anerem Numm schonn existéieren, an och an der Belsch an an Holland aktiv sinn. D'Vernoléissegung vum lëtzebuergesche Maart kéint eis Finanzplaz laangfristeg schwächen an d'Attraktivitéit als digitale Finanzzenter ënnergruuen.

An deem Zesammenhang wëllt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung et datt eng grouss Neobank de lëtzebuergesche Maart als "net an der onmëttelbarer Feuille de route" bezeechent?
2. Wat fir konkret Schrëtt ënnerhëlt d'Regierung fir ze garantéieren datt nei Fintech-Servicer gläichzäiteg zu eisen Nopeschlänner och zu Lëtzebuerg lancéiert ginn?
3. Firwat dauert d'Implementéierung vum Wero-System zu Lëtzebuerg méi laang wéi an der Belsch, obwuel d'EPI schonn zënter 2024 existéiert an änlech Infrastrukturen zu Lëtzebuerg scho verfügbar sinn?
4. Wéi koordinéiert sech d'Regierung mat de lëtzebuergesche Banke fir ze garantéieren, datt d'Integratioun an europäesch Bezuelssystemer ënnert der beschleunegter Timeline realiséiert gëtt?
5. Wat fir Incitatiounen oder regulatoresch Erliichterunge kéinten ageféiert ginn, fir multinational Fintech-Firmer z'encouragéieren hir Servicer méi fréi zu Lëtzebuerg ze lancéieren?



www.piraten.lu

6. Wéi plangt d'Regierung de bestoenden Fintech-Ekosystem zu Lëtzebuerg ze stäerken, sou datt lokal Alternativen zu internationale Services entstinn?
7. Gëtt et eng national Strategie fir ze verhënneren, datt Lëtzebuerg systematesch bei der Aféierung vun neien digitale Finanzservices hannendran ass?
8. Wéi evaluéiert d'Regierung d'Risiken, datt d'Vernoléissegung vum lëtzebuergesche Maart duerch international Fintech-Firmen d'Attraktivitéit vun der Finanzplaz op laang Siicht beaflosse kéint?
9. Wat fir Mesurë gi geholl fir eng bessere Koordinatioun tëschent nationalen Administratiounen, europäeschen Institutiounen an der Privatwirtschaft ze garantéieren, fir d'Zäitpläng vun digitalen Innovatiounen ze synchroniséieren?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten

